

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vun deem nächste Projet de loi 4919. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo hu sech folgend Riedner ageschriwwen: déi Häre Mosar, Klein, Bettel, Henckes an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Patrick Santer.

5. 4919 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice

2) de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), *Rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Text sinn ech averstanen. Beim Projet de loi 4919 handelt et sech ëm déi éischt substanzuell Form vun der Législatioun vun den Huissiers de justice.

Dräi Haaptobjektiver gi mam Projet de loi ugepeilt. Et sinn dat d'Formation vum Huissier, d'Associatioun tëschent Huissieren an d'Réglementatioun vun der Suppléance. Eier ech op dës dräi Punkte méi am Detail aginn, well ech nach ervirhiewen, datt doniewent eng ganz Rei vu punktuellen Adaptatiounen virgeholl ginn, zum Beispill d'Verjährungsfrist vun enger Action disciplinaire, d'Peines disciplinaires, déi géint en Huissier ausgesprochen kënnen ginn, ginn op deene vun Notariatsgesetz vun 1976 alignéiert, d'Cotisationsen, déi un d'Chambre des Huissiers de justice bezuelt musse ginn, d'Indikatiounen, déi en Huissier op sàin Akt muss maachen oder nach, datt den Huissier seng Ënnerschrëft och bei de Verwaltungsgerichter an net nëmme wéi bis elo bei den Zivilgerichter muss hannerleeën.

Den Artikel IV vum Projet leet déiselwecht Pflicht, wat d'Hannerleeën vun der Ënnerschrëft och bei de Verwaltungsgerichter ugeet, och den Notairen op. Dofir huet d'Notariatsgesetz vum 9. Dezember 1976 misse geännert ginn.

Elo zu den Haaptobjektiver vum Gesetzesprojet.

Éischtens d'Formation vun den Huissieren. Bis haut geet den Ofschloss vun enger Première duer fir an de Stage als Huissier erage-looss ze ginn. Dem Projet de loi no muss elo en Huissier eng ofgeschlossenen universaire Ausbildung vu véier Joer am Droit an de Certificat de formation complémentaire am Droit luxembourgeois opweisen. Dat sinn déiselwecht Bedingungen wéi fir op de Barreau ze kommen.

Duerch deen elo noutwendegen Universitätsdiplom alignéiert sech eist Land op déi franséisch a belsch Législatiounen, déi och vun hiren Huissieren eng universaire Ausbildung verlangen.

D'Kommissioun huet dës supplementar Bedingung, déi och schonn am Rapport sur la justice au Luxembourg vum Här Lucien Weiler vum 27. Abrëll 1998 gefuerdert gouf, begréisst. Eng universaire Ausbildung ass an den Ae vun der Kommissioun onbedéngt noutwen-

deg fir et den Huissieren ze erméiglechen, déi ëmmer méi komplex Rechtslag korrekt anzeginn an d'Pouvoiren, déi d'Gesetz hinne gëtt, à leur juste mesure auszeüben, zumools well an deene leschte Joren d'Influenz vum Europarecht an de Beräicher, déi direkt oder indirekt fir d'Huissiere vu Bedeutung sinn, enorm zougeholl huet an nach zouhuele wäert.

Doniewent, bei de Kritären, déi en Huissier muss erfëllen, gouf d'Nationalitätsbedingung un déi vum Notariatsgesetz ugepasst. D'Altersbedingung an d'Dispens vum Stage sinn, well mer eng universitaire Ausbildung froen, iwwerflüssig ginn an de Certificat de moralité gëtt net méi vum President vum Bezierksgericht, mä vum Procureur ausgehändegt.

Am Projet de loi Artikel 2 ass festgehalten, datt déi nei Bedingunge fir d'Funktoun vum Huissier ausüben ze kënnen sech nëmmen op déi Kandidaten uwennt, déi hire Stage nom A-Kraaft-Triede vum neie Gesetz ufänke wäerten. Déi, déi elo am Stage sinn, falen net ënnert dat Gesetz.

Zweetens d'Associatioun tëschent den Huissieren. Der Chambre des Huissiers no belafen sech d'Käschten, déi eng kleng Huissiersgild all Mount muss droen, op ongeféier 10.000 Euro. Fir et den Huissieren ze erméiglechen dës Käschten ze deelen andeems se sech associéieren, gesäit de Projet de loi express vir, datt esou eng Associatioun zu Stane ka kommen, wat haut an der Praxis awer scho stattfënt.

Well d'Huissieren awer e spezielle Statut als Auxiliaire de justice hunn, muss d'Associatioun vum Justizminister guttgeheescht ginn. Et sief nach bemierkt, datt nëmmen Huissieren aus deemselwechten Arrondissement judiciaire, entweder Lëtzebuerg oder Dikrech, sech zesummendoe kënnen.

De Statsrot hat bemängelt, datt de Projet de loi keng Kritäre géif virgesinn op deenen de Justizminister eng Associatioun kënn refuséieren oder autoriséieren. D'Kommissioun war awer der Meenung, datt d'Procédure administrative non contentieuse sech hei uwennt, an datt e Refus vum Justizminister souwisou ëmmer muss motivéiert sinn.

Drëttens eng nei Réglementatioun vun der Suppléance. De Huissier suppléant muss déiselwecht Bedingungen wéi de Huissier de justice erfëllen. Bis dato sinn d'Huissiers de justice suppléants als Clerc oder als Sekretär an enger Huissiers-Etude oder Affekoten-Etude beschäftegt.

Well mer am Projet de loi elo eng universaire Ausbildung vum Huissier suppléant verlaangen, kann et méiglech sinn, datt et méi schwéier kéint ginn engem Beruff nozougoen an derniewent Huissier suppléant ze sinn. Mir hunn eis an der Kommissioun laang mat dëser praktescher Problematik befaasst. De System vun der Suppléance, deen elo am Projet de loi steet, berout op der praktescher Erfahrung, déi iwwert d'Jore gesammelt gouf. Et bleift awer, datt sech Problemer kéinten erginn, wat d'Artikulation tëschent dem Ausübe vum Beruff vum Huissier suppléant an dem Exercice vu senger Fonctioun als Huissier suppléant ugeet. Dofir steet am Rapport: «La Commission invite le Gouvernement à trouver une solution applicable en pratique», wa sech esou e Problem géing stellen natierlech, «et si besoin en était, à modifier dans les meilleurs délais la loi du 4 décembre 1990».

Dat sinn d'Leitlinne vum Projet de loi 4919.

D'Commission juridique huet sech awer mat engem weidere Problem, deen d'Huissiere betrëfft, befaasst, an zwar mat der Zuel vun den Huissieren. Et ginn der genuch, seet d'Chambre des Huissiers de justice. Et ginn der net genuch, seet de Conseil de l'Ordre vu Lëtze-

buerg. Mir hunn eis eingehend mat dëser Problematik a mat den Argumenter vu béide Säite befaasst.

A Frankräich an an der Belsch ginn et proportional méi Huissiere wéi bei eis am Land, mat der Konsequenz, datt et an deene Länner méi Zwangsvollstreckunge gëtt. Mä eng Reform vun der Procédure d'exécution am Sënn vun enger Vereinfachung, ouni natierlech d'Garantië vun de Justiciären unzetaaschten an de Recours op alternativ Modë vu Konfliktléisunge wéi d'Médiation oder den Abritage, kënnen och op d'Zuel vun den Huissieren eng Influenz hunn.

Mir befannen eis also an engem Geflecht vu cause à effet, wou et nach eng ganz Rei vun Inconnuë gëtt, wou et do awer elo schlecht wier, fir der Regierung festzeschreien d'Zuel vun den Huissieren erop ze setzen oder d'Zuel vun den Huissieren erof ze setzen.

Dofir froe mer an enger Motioun, déi ech elo wäert deponéieren an déi vun alle Fraktiounen gedroe gëtt, datt: «...invite le Gouvernement à mener une réflexion approfondie sur les différentes procédures d'exécution et de saisies dans l'optique d'une simplification de ces procédures, ainsi que sur le fonctionnement du système des huissiers de justice, et à reconsidérer le nombre des huissiers de justice au vu de l'évolution des affaires de justice et de la réforme précitée des procédures d'exécution et de saisies.»

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant le nombre proportionnellement beaucoup plus élevé d'huissiers de justice en France et en Belgique, deux pays partageant le même système juridique que le Luxembourg, avec pour conséquence un nombre plus important d'exécutions forcées;*

- *considérant que les multiples procédures d'exécution et au-delà l'ensemble de la procédure judiciaire pourraient être simplifiés pour les adapter aux besoins des justiciables;*

- *considérant qu'une telle réforme en profondeur aura naturellement des répercussions sur le nombre des huissiers de justice;*

- *considérant que la croissance constante du nombre des affaires portées en justice, si elle se confirme malgré l'introduction de la médiation ou d'autres méthodes alternatives de résolution des litiges, et nonobstant une simplification de la procédure, ne sera pas sans influence sur le nombre des huissiers de justice nécessaires au bon fonctionnement de la Justice;*

invite le Gouvernement à

- *mener une réflexion approfondie sur les différentes procédures d'exécution et de saisies dans l'optique d'une simplification de ces procédures, ainsi que sur le fonctionnement du système des huissiers de justice, et*

- *reconsidérer le nombre des huissiers de justice au vu de l'évolution des affaires de justice et de la réforme précitée des procédures d'exécution et de saisies.*

(s.) Patrick Santer, Xavier Bettel, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Klein, Renée Wagener.

Nach eng Keier dës Motioun, vun alle Fraktiounen gedroen. Dat gesot bieden ech lech, am Numm vun der Commission juridique, den Text wéi en lech virläit ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als éischte Riedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ufänke well ech meng Interventioun mat engem Merci u mäi Fraktiounskolleg Patrick Santer, deen op seng gewinnt souverän a kompetent Manéier eis esouwuel en excellente schrëftleche wéi och mëndleche Rapport virgeluecht huet. Well dës Rapporten op eng detailléiert Manéier déi eenzel Aspekter vum Dierwieschteschberuff belichten, brauch ech also net méi op déi verschidde Punkte vun dësem Projet anzegoen, mä ka mech limitéieren op zwee Voleten, op déi ech hei nach eng Keier wëll kuerz agoen. Dat éischt ass d'Problematik vun den Huissiers suppléants an dat anert d'Fro vun der Zuel vun den Dierwiechtere.

Wat den éischte Punkt betrëfft, ass et jo esou, an de Rapporteur huet dat och scho virdrun a sengen Ausféierunge preziséiert, datt an Zukunft also all Dierwiechter muss eng Formation universitaire hunn, déi duerch d'Cours complémentaires ofgeschloss gëtt. Dës Konditioun wäert sech also an Zukunft och op d'Suppléant vum den Dierwiechtere applizéieren, wat allerdéngs riskéiert an der Praxis zu Problemer ze féieren. Bis elo ass et jo esou gewiescht, datt meeschens dës Suppléanten d'Stagiären aus deenen eenzelnen Dierwieschtesch-Etude waren, esou datt dëse System eigentlech zu enger allgemenger Zefriddenheet fonctionnéiert huet.

An Zukunft wäert et allerdéngs kaum méi esou sinn, datt e Kandidat fir Dierwiechter, deen en ofgeschlossenen Universitätsdiplom huet an och seng Cours complémentaires am lëtzebuergesche Recht mat Erfolleg ofgeschloss huet, während laange Joren als Stagiaire vun engem Dierwiechter schafft, wann hie gläichzäiteg d'Méiglechkeet huet als ageschriwwenen Affekot um Barreau tätég ze sinn, respektiv an d'Magistratur anzetrieden oder iwwerhaupt an d'Fonction publique. Et wäert also esou kommen, datt d'Dierwieschteschwärter just nach dat Joer Stage bei engem Dierwiechter absolvéieren, fir dann duerno en anere Beruff auszeüben, bis se da vläicht eng Keier eng Nominatioun als Dierwiechter kréien.

Mir kommen also hei an eng ähnlech Situatioun wéi déi vun den Notairen, wou jo och d'Uwäerter op en Notairesposte während laange Joren an anere Beruffer tätég sinn, ier et dann un hiren Tour kënn a se eng Nominatioun als Notaire kënnen kréien.

An Zukunft müssen also d'Dierwieschtesch-Etuden hir Suppléanten ausserhalb vun hiren Etudé siche goen, an dëst wäert sécherlech zu enger Rei vu Schwierigkeete féieren, well jo dës Ersatzdierwiechtere während deene 14 Deeg oder dräi Wochen, wou se en Dierwieschteschberuff ausüben, net méi kënnen en anere Beruff ausüben.

Am Klortext heescht dat, datt en Affekot eigentlech misst fir dräi Woche seng Démissioun vum Barreau ginn a seng Etude komplett délaisséieren, fir de Beruff vum Ersatzdierwiechter kënnen auszeüben. D'Situatioun wäert nach vill méi schwéier gi fir d'Dierwieschteschkandidaten, déi an der Fonction publique beschäftegt sinn, sief dat an der Magistratur oder och an aneren Administratiounen, well de Statut vun Statsbeamten esou eng Méiglechkeet iwwerhaupt net virgesäit.

Mir hunn an der Kommissioun eis laang mat dësem Punkt beschäftegt, hunn allerdéngs och keng Lösung direkt virzeschloe gehat, dat émsou méi, well a sech den Text, dee mer haut hei diskutéieren, eigentlech näischt un der Praxis vun den Dierwieschtesch-Suppléanten ännert. Mir sinn awer zur Konkusioun komm, datt een elo emol soll ofwaarden, wéi et an Zukunft mat

deene Suppléantsdierwiechtere virugeet, a wann een da sollt feststellen, datt et hei zu Enkpäss kënn kommen, ass jo nach ëmmer Zäit fir iwwer eng Annerung vun den Dierwieschtesch-Stagiären nozedanken.

Ech mengen, datt mer de toute façon de Punkt vun den Ersatzdierwiechtere am enke Lien musse mat der Zuel vun den Dierwiechtere selwer kucken, well wa genuch Dierwiechtere aktiv sinn, stellt sech wahrscheinlech vill manner, wann iwwerhaupt, d'Fro no den Ersatzdierwiechtere.

Här President, dës Iwwerleeunge brénge mech dann och zu mengem zweete Froekomplex, deen ech hei wollt opwerfen, nämlech dee vum allgemenge Fonctionnement vun den Exécutiouns- a Saisiesprozeduren an an deem Kontext der Zuel vun den Dierwiechtere, esouwuel an der Stad wéi zu Dikrech.

Ech mengen dann och, datt een de Fonctionnement vun dëse Prozeduren net ka lasskoppele vun der absolut noutwendeger Zuel vun den Dierwiechtere an ech géif dann och heizou versiche verschidden Iwwerleeungen unzestellen.

Eng éischt Fro, déi ee sech an dësem Kontext muss stellen, ass natierlech déi, ob eis Prozeduren, besonnesch um Niveau vun der Zoustellung vun allméiglechen Akte respektiv Exécutiounsprozeduren, net ze vill schwéierfällég sinn, an ob een net hei misst am Sënn vun enger méi grousser Vereinfachung verschidde Prozeduren iwwerdenken.

De Justizminister huet eis an der zoustänneger Kommissioun eng Rei Propositionen op den Dësch geluecht, wéi a wou een esou eng Vereinfachung vun de Prozedure kënn an d'A faassen. Fir hei nëmmen ee konkret Beispill ze huelen: Wann d'Scheedungsprozedur an Zukunft soll esou reforméiert gi wéi dat elo am Projet de loi, deen déposéiert ass, virgesinn ass, wäerten eleng an dëser Matière eng ganz Rei Zoustellunge vun den Akten ewechfalen.

Dir gesitt also, datt d'Fro vun der Zuel vun den Dierwiechtere enk zesummenhänkt mat där iwwert d'Veereinfachung vun enger Rei vu Gerichtsprozeduren, vun deenen ee se och net oftrenne kann. Et schéngt mer deemno an enger gewëssener Logik ze sinn, datt ee fir d'éischt deen Exercice mécht, am Detail ze kucken, wéi a wou een dës Prozedure vereinfacht, ier ee sech dann eng Philosophie iwwert d'Zuel vun den Dierwiechtere mécht.

Ech si mer och bewosst, dass d'Diskussioun heiriwwer keng einfach wäert ginn, well d'Eropsetze vun där Zuel vun den Dierwiechtere forcément zu enger méi grousser Konkurrenz géif zwëscht den Dierwiechtere féieren an domadder d'Exécutiounsprozeduren och risquéiere méi energiesch bedriwwen ze ginn, wat sécherlech zur Konsequenz kéint hunn, datt mer an Zukunft nach méi Faillité géife kréien an och vläicht méi Haushalter géife ruinéiert ginn.

Op där anerer Säit hu besonnesch awer d'Affekoten oft Problemer fir en Dierwiechter ze fannen, deen nach eng Zoustellung mécht, wat och net onbedéngt zum gudde Fonctionnement vun eise Justizwiese bäidréit. Et dierf een dann och net vergiessen, datt, wann d'Zuel vun den Dierwiechtere an de leschte Jore méi oder weëneger stabil bliwwen ass, déiselwecht Zuel vun den Affekoten sech verveierfacht huet.

Wann een d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg mat där vun eisen Nopeschlänner vergläicht, esou muss ee feststellen, datt d'Zuel vun den Dierwiechtere an der Belsch an a Frankräich substanzuell méi héich ass, wat natierlech dann och d'Zuel vun den Zwangsexécutiounen vergréissert.

De Constat, deem ee muss maachen, schéngt mer en dueblen ze sinn, nämlech deem, datt d'Situatioun, esou wéi mer se am Moment kennen, sécherlech net zefriddestellend ass, besonnesch fir d'Affekoten, mä op där anerer Säit een d'Problemer awer net all ka léisen duerch eng einfach Erhéijung vun dëser Zuel vun den Dierwiechtere.

Ech géif dofir plädéieren, Här Minister, datt esoubal wéi méiglech d'Reflexiounen iwwert de Fonctionnement vun eise Prozedure viragefouert ginn an natierlech och heirauser Konklusiounen gezu ginn. Op kee Fall, an dat soen ech awer grad esou kloer an däitlech, ass d'Ophiewe vun der Limitatioun eng Léisung, grad esou wéineg d'ailleurs wéi d'Ännerung vum Statut vun den Dierwiechtere am Sënn vun enger Privatiséierung.

Sécherlech, och wann eng Rei vun Defiziter bestinn, esou si mir bis elo mam System, datt den Dierwiechter en Officier ministériel ass, net schlecht gefuer a mir sollen och fundamental bei dësem System bleiwen.

Dat gesot, wëll ech nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Mosar. Als nächste Riedner ass elo den Här Jempy Klein ageschriwwen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur fir dee gudde Rapport iwwert d'Dierwiechteschwiesen, deem hien hei virgedroen huet.

Den Dierwiechter ass en Auxiliaire vun eiser Justiz an huet eng bedeiendend Roll ze spillen an eisem Geriichtswiesen. En huet e Service public auszeféieren, an dofir ass och schonn d'Fro gestallt ginn, ob d'Exécutioun vun dësem Service public net sollt vum Stat geleescht ginn an an den Hänn vu Fonctionnaire sollt leien, déi dës Tâche ausféiere sollten.

An deem Sënn ass schonn 1966 doriwwer geschwat ginn. E Groupe de travail ass agesat ginn ënnert der Prezidenz vum deemolegen eminente Magistrat, dem Här Henri Delvaux. Dee Groupe de travail ass zur Konklusioun komm, fir dem Beruff vum Dierwiechter e liberalen an onofhängege Charakter ze loosse. Deemoools goufen et allerdéngs och aner Stëmmen, déi de Géigendeel gesot hunn, dass dëse Service sollt an d'Hänn vum Stat kommen a vu Fonctionnaire sollt ausgefouert ginn. Dat war d'Meenung zum Beispill vum deemolege Procureur général, dem Här Huss.

D'Avantagë vun esou engem System? Eng besser Organisatioun vun der Verdeelung vun deene verschiddenen Tâchen, keng Konkurrenz tëschent den Acteuren, e gläichgestalltent Akommes, manner Käschte fir d'Benotzer, méi eng prompt Ausféierung vun der Aarbecht.

D'Désavantagë waren deemoools och opgeléicht ginn. Um Niveau vun de Gerichter méi Gebailechkeeten, nei Kaderen an der Statsbeamtestruktur, méi Dépenses, déi de Statsbudget belastscht hätten.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass also beim ale System bliwwen, beim liberalen onofhängege Beruff. Allerdéngs hunn d'Konditiounen variéiert a si méi streng ginn.

Vun 1990 un ass den Ofschloss vum Premiësexame gefrot ginn. Säit 1990 huet viles geännert. D'Prozedurgesetzter si méi heefeg ginn, méi komplizéiert. Nei Gesetzer, déi den Dierwiechter net onberéiert gelooss hunn, sinn agefouert ginn. Méi Uerteeler, méi Affären, méi Assignatiounen. Mir gesinn dat och un der Zuel vun den Affekoten. Et si vill méi Affekoten zu Lëtzebuerg. Et schéngt, dass de Sträit

méi grouss ginn ass ënnert de Leit hei zu Lëtzebuerg. Méi Uerteeler gi geholl. Och si méi Kenntnisser vun den Dierwiechtere verlaangt.

Et ass also nëmme logesch, fir méi eng héich Formatioun vun den Dierwiechtere ze verlaangen, nämlech eng Maîtrise en droit mat der Sanktioun vu Cours complémentaires en droit luxembourgeois. Dat entsprécht der Formatioun vun den Dierwiechtere am Ausland, wéi zum Beispill an der Belsch an a Frankräich. Déi méi héich Formatioun ass am Intérêt vun enger gudder Aarbecht vun den Dierwiechtere selwer a besonnesch vun de Benotzer vun dësem Dingscht.

Bei dëser Geleeënheet hate mer och geschwat iwwert d'Eropsetze vun der Zuel vun den Dierwiechtere an vu vum Zouhuele vun den Affären. De Conseil de l'ordre huet och gefuerdert fir d'Zuel vun den Dierwiechtere eropzesetzen. D'Chambre des Huissiers huet allerdéngs Argumenter gehat, fir dat net ze maachen. Mir als Fraktioun hätten och éischter tendéiert fir d'Zuel vun den Huissieren erop ze setzen, mä opgrond vun der Motioun vum Rapporteur, dem Här Santer, déi d'Regierung invitéiert fir d'Prozeduren ze vereinfachen an au vu vun dem Resultat, wat do erauskënnt, fir d'Zuel vun den Dierwiechtere doropshin ze adaptéieren, kann een dermat d'accord si fir ze waarden. Mir maachen allerdéngs Appel un d'Regierung fir op deem Plang virun ze maachen, fir dass do eng Décisioun ka geholl ginn.

Et ass och reglementéiert ginn, d'Associatioun vun Dierwiechtere an och à juste titre d'Formatioun vun den Huissiers suppléants. Dat sinn nei Dispositiounen, déi an dësem Projet de loi virgesi sinn.

Ech wollt awer nach Folgendes bäifügen. De Beruff vum Dierwiechter ass keen einfache Beruff, ass oft ganz komplizéiert. Et ass e schwéiere Beruff. Si kommen an delikat Situatiounen. Si hu vill Kontakt mat allerlee Leit, mat Débiteur, déi onglécklech gi sinn, oft ongewollt oder duerch Onvorsichtegkeet. Do muss den Dierwiechter oft vill Fangerspëtzegefill bewisen. Déi eng hunn ës, déi aner hu keent oder bewiese keent. Déi eng maachen et méi, déi aner manner.

Jiddefalls sinn se heiansdo oder souguer oft onglécklech, wa se esou Débiteur ze traitéieren hunn a se weise net ëmmer déi néideg Begleedung. Et kënnt dofir och en noble Beruff sinn, well se kënnten deene Leit, déi an der Nout sinn, en détresse sinn, hëllefen. An deem Sënn weisen se net ëmmer deen néidege Savoir-vivre. Ech schwätzen net vun hinnen alleguer, mä vu verschiddenen. Mir gesi jo och an de Gemengen, wéi se sech do presentéieren, mat wat fir enger Violenz, mat wat fir enger Heftegkeet se oft do oprieden, an net ëmmer dee richteg Comportement vis-à-vis vun deene Leit hunn, mat deenen se ze traitéieren hunn.

Oft kéint ee sech virstellen, dass se missten, ier se den Exercice vun deem Beruff géinge virhuelen, e wéineg Notiounen oder e Cours an der Psychologie kréien. Ech hat d'Propositioun an der Commission juridique gemaach, fir mat enger Verriedung vun den Dierwiechtere emol zesummenzekommen, fir doriwwer ze schwätzen. De President vun der Kommissioun huet deem Wunsch awer net entsprach, a war net d'accord fir se ze rufen. Bei där Geleeënheet hätt ee kënnen iwwer hiert Opriede bei de Leit schwätzen.

Dat gesot, wollt ech zu dësem Projet de loi, deem op verschiddene Pläng vill Verbesserung bréngt am Interesse vun den Dierwiechtere selwer an am Intérêt vun den Usageren, Compte tenu vun där Motioun, déi den Här Santer abruecht huet, den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

Une voix. - Neen, den Här Bettel.

M. le Président. - Entschëllegt, den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen elo a mengem Numm a liese kengem seng Ried méi vir.

Ech wëll fir d'éischt dem Här Santer merci soe fir säi mëndleche Rapport selbstverständlech, awer och säi schrëftleche Rapport huet mer ganz gutt gefall. Ech fannen e komplett. Een, deem esouguer net vill vun Droit versteet, versteet wat dra steet, wat net oft de Fall ass an der Juristerei, an en ass en plus op eng flott Aart a Weis geschriwwen. Dowéinst am Numm vun eiser Fraktioun, jiddefalls a mengem perséinlechen Numm e grouss Merc.

Ech wäert lech virun allem elo aus Avisen zitéieren, déi mer gefrot haten. Déi eng Saach ass d'Formatioun vun den Dierwiechter. Et ass ëmmer schwéier als Drëtten ze schwätzen, als Véierte souguer nom Rapporteur, well et ass da scho ganz vill gesot ginn. D'Formatioun ass selbstverständlech wichtig. Bei där Responsabilitéit vum Huissier, déi en a senger Aarbecht huet, muss d'Formatioun immens komplett sinn. Véier Joer Droit, also eng Maîtrise en droit, oder an der Belsch déi fénnef Joer plus de Cours complémentaire en droit luxembourgeois. Et ass eng wichtig Saach fir den Huissier, fir dass hie seng Aarbecht och richteg exercéiere kann.

Esou wéi den Här Mosar et scho virdu gesot huet, an ech muss him do Recht ginn, gétt et awer komplizéiert mat där Dispositioun iwwert d'Huissiers suppléants. Ech hat dat och schonn an der Kommissioun gesot. Et gétt net einfach een ze fannen, deem d'Méiglechkeet huet eng aner Aarbecht ze maachen a während enger Vakanz, wou den Huissier net do ass, dann als - verstitt et net falsch - Sous-fifre, als Stagiaire, oder wéi een et wëll nennen, kënnen benotzt ze ginn. Ech ka mer kaum virstellen, dass där vill do sinn. Ech weess net, ob dat eng Léisung ass, déi mer elo am Text zwar hunn, déi vill wäert a Kraaft trieden.

Ech wëll och op d'Zuelen an op d'Renseignement agoen, déi mer kritt hunn an der Commission juridique. 1985 goufen et 20 Huissieren an 1996 19 Huissieren. A wann een d'Huissiers de justice suppléants kuckt, da wieren et der am Ganzen 25. Esou steet et op jidde Fall an deem Text, dee mer kritt hunn.

Ech wëll dann awer och soen, dass 1981 253 Affekoten zu Lëtzebuerg waren. 1991 waren 352 Affekoten hei zu Lëtzebuerg, 2001 777 Affekoten, um 2. Mee 846 a wann ech richtig sinn, op den heitegen Dag wäerte mer net wäit vun 1.000 Affekoten um Barreau hei zu Lëtzebuerg ewech sinn. Ech schwätze just vum Barreau vu Lëtzebuerg. Wann Der dat eleng schonn héiert, vun enger Zuel vun 253 op 1.000 Affekoten, dat heescht mir hunn an 20 Joer 4-mol méi Affekoten hei am Land, esou bedeit dat selbstverständlech méi Prozeduren, et si méi Saachen ze maachen, an dofir ass och déi Motioun, déi den Här Santer déposéiert huet, ze ënnerstëtzen.

Ech verstinn och, dass d'Huissierë soen, dass si keen einfache Beruff hunn. Ech ka mer dat virstellen. Si soen och, mir hätten als Affekoten ëmmer esou eng zweedäiteg Roll, well op där enger Säit wa mer géife

fir deen, dee Sue géif kréien, mandatéiert sinn, da wier alles ëmmer ze lues an d'Affekoten hätte gären d'Sue gëschter schonn, déi se haut eréischt froen, an op där anerer Säit, wann een dann een huet, deem d'Sue schëlleg ass, dann hu mer de Contraire, dann hätte mer gäre méi Gedold vum Huissier, dass hie soll d'Saach an d'Längt zéien, fir dass d'Rechnung net muss direkt bezuelt ginn.

Bon, op jidde Fall feelt et un Huisieren. Et ass net ëmmer einfach un en Huissier ze kommen. Dat ass jo och hei erauskomm an ech mengen, déi meescht, déi dora schaffen, hu jo schonn d'Erfahrung gemaach.

Ech verstinn awer och d'Frustatioun vun den Notairen, déi an hirem Text soen, dass et net ëmmer einfach ass Notaire ze sinn an op ganz insaluber a moche Plaze mussen ze fueren, fir ze kucke Saachen eranzekréien.

Op jidde Fall, als Konklusioun vu menger klenger Interventioun hei, am Intérêt vum Justiciable, am Intérêt vun der Funktioun vun der Justiz, wier et besser, wann Der déi Motioun géift stëmmen, an dass d'Zuel vun den Huissierë misst op d'mannst e bësse gehéicht ginn.

Da kënnt ech awer och déi fundamental Fro stellen, ob ee wierklech muss bei all deene Prozedursaachen, déi an engem Prozess sinn, nach en Huissier gebrauchen. Fir Qualitéiten braucht een en Huissier, fir déi ofzeginn. Et sinn esou vill Matière an engem Prozess, wou et wierklech onnëtz ass an en plus dem Justiciablen nach Käsche bréngt, déi wierklech net misste sinn. Dofir wier et vläicht gutt sech an der ganzer Procédure civile eng Kéier d'Fro ze stellen, ob et net besser wier do e bëssen ze opzefrëschen an den Text nozekucken, fir ze évitéieren, datt justement esou vill Käschen an esou vill Prozeduren entstinn. Ech mengen, hei ass jo awer jiddereen an der Cour an och an der Commission juridique eens, dass déi wierklech onnëtz sinn se nach ze hunn.

Op jidde Fall bréngen ech heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. le Président. - Als nächste Riedner huet elo den Här Jacques-Yves Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi wichtig Neierungen, déi mer an dësem Gesetzesprojet hunn, ass éischstens déi, datt d'Dierwiechtere mussen an Zukunft eng Formation universitaire hunn an déi zweet, dass se sech kënnen offiziell associéieren. De Rapporteur huet hei schonn drop higewisen, datt et noutwendeg ass, datt mer déi Législatioun virhuelen, esou datt mer och mat senger Konklusiounen d'accord sinn an ech den Accord vun onser Fraktioun zum Gesetzesprojet wollt bréngen.

Nach muss een awer op e puer Problemer an der Exekutioun an an de Missiounen vun den Dierwiechtere agoen. Ech si frou, datt mer an der Commission juridique ons eens konnte maache fir eng Motioun ze ënnerschreiwen, alleguete mat ze droen, déi d'Regierung opfuerdert fir déi ganz Problematik vun der Zuel vun den Huissieren, vun der Voie d'exécution nach eng Kéier op de Métier ze huelen. De Problem ass net einfach. En ass komplex. Wa mir higin a mir reduzéieren d'Zuel vun den Zoustellungen, da wäert et als Konsequenz hunn, datt mer natierlech manner Dierwiechtere brauchen, keng Zuel an der Erhéijung vun den Dierwiechtere brauchen, par contre wäert et dozou féieren, datt d'Dierwiechtere deen Ablack mat der berechtigter Fuerderung komme fir d'Honorairen an d'Fräen op aneren Zoustellungen nees gehéicht ze kréien. Doduerch ass eng global Reflexioun noutwendeg.

Ech géing awer och drop insistéieren, datt d'Regierung sech eng Kéier muss d'Fro stellen, wat iwwerhaupt de Montant vu verschiddenen Zoustellungen ausmécht, fir deen nach eng Kéier a Fro ze stellen. Wuerfir? Mä well bei verschiddene Montanten, déi nottamment iwwer Ordonnance de paiement zougestallt ginn, dat heescht déi klenger Montanten, ganz oft d'Frais de huissier, d'Frais de justice e Multiple vun deem si wat de Montant principal ugeet. Do musse mer ons eng afale loosse. Do musse mer kucken, ob mer dat doten net revidéiert kréien ënner verschiddene Konditiounen an nottamment am Kader vun dem Gesetz iwwert de Surendettement.

Well et ass an deene Fäll do, wou sech Schwieeregkeete stellen, wou ee gesäit, datt just Leit mat klenge Revenuen duerch déi enorm Käschte vun den Dierwiechtere dann heiansdo a finanziell Schwieeregkeete kommen, esou datt ech wierklech hoffen, datt d'Regierung sech déi Motioun, déi mer hei eraginn hunn, zu Häerzen hëlt, well si ass immens komplex a mir brauchen hei verschidden Donnéeën ier mer kënnen als Législateur eng Reform duerchzéien.

Wichtig schéngt mer och ze sinn, datt mer d'Prozedure vun de Voies d'exécution nach eng Kéier duerchkucken. Mir hunn allegueren héieren, datt a leschter Zäit verschidden Dysfonctionnementen geschitt sinn, datt en Dierwiechter eng Saisie exécutéiert huet, obwuel an der Tëschenzäit Appel oder eng Oppositioun géint eng vu sengen Zoustellung war. Dat kann heiansdo sech erklären, well iergendwéi en Délai ze kuerz war, eng Informatioun net zirkuléiert huet an dofir musse mer déi ganz Problematik och nach eng Kéier op de Wee bréngen, well déi Réglementatioun, déi mer hunn, ass ganz evident iwwerholl.

Mir mussen se nei formuléieren, och wat d'Délaien ugeet. Ech hoffen, datt mer am Zäitalter vun Internet, vun enger Moderniséierung vun onser Justiz et och wäerte fäerdeg bréngen fir bei de Voies d'exécution, bei den Zoustellung vun den Dierwiechter, beim onnëtzten Droit de timbre, eng konkret Proposition vun der Regierung virguelicht ze kréien, fir endlech eng modern Justiz och an de Voies d'exécution kënnen ze realiséieren.

M. le Président. - Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President, mir sinn eis all eens, dass Verbesserungen néideg si wat de Berufsstand vun den Huissierë betrëfft an dofir begrësse mir vun Prinzip hier och déi Reform, déi vun der Regierung virgeschloe ginn ass. Mir stellen awer mat aneren, wéi mer elo de Moie scho gehéiert hunn, fest, dass déi Virschléi vun der Regierung net terribel wäit ginn. Si betreffen d'Formation initiale, si betreffen d'berufflech Qualifikatioun an d'Diplomer, déi ee muss hunn, fir dee Beruff auszeüben, d'Méiglechkeet fir d'Huissieren sech ze associéieren. Si schaffen e Kader fir de Huissier suppléant. Si maachen och de Versuch fir d'Problematik vun der Zuel vun de Huissieren an de Grëff ze kréien, déi duerch Règlement grand-ducal fixéiert ass.

Méi fundamental A-Fro-Stellung vum System, wéi mir en haut zu Lëtzebuerg kennen, geschéien awer net, an dofir hu mer als Gréng och déi Motioun ënnerschriwwen, déi elo scho presentéiert ginn ass, wou gefrot gétt, dass awer Reflexiounen vu méi enger fundamentaler Natur iwwert dee System gefouert ginn.

Just eng Klammer, och well ech elo déi verschidde Reformen ugeschwat hu vun der Regierung. Ech hunn d'berufflech Qualifikatioun ugeschwat an och d'Formatioun. Do stellt sech, an déi Fro hunn ech

an der Kommissioun och opgeworf, d'Fro vun deenen Huissieren, déi haut schonn am Beruff sinn, wou jo eigentlech bei verschidde- nen zumindest en Ënnerscheed entsteet zu deenen Huissieren, déi dann deemnächst agestallt ginn. Do muss ee sech natierlech d'Fro stelle wéi een déi Diskrepanz kann an de Grëff kréien, ob eng Formation continue organiséiert gëtt.

D'Zuel vun den Huissieren, och dat ass schonn hei gesot ginn, ass a Fro gestallt. Mir sinn deene Leit hirer Meenung, déi mengen, datt se ze niddreg wär. Mir kruten an der Kommissioun och gesot, dass zum Beispill a Frankräich oder an der Belsch, déi en ähnleche System hu wéi mir, déi Zuel proportional vill méi héich ass par rapport zu der Bevëlkerung.

Et muss ee sech och Froe stellen, wann ee liest, dass vun deenen 19 Huissieren, déi mer am Land hunn, der zwee zoustänneg si fir de ganzen Distrikt Dikrech a 17 fir Lëtzebuerg. Do stellen sech mir awer ganz kloer Froen. Dat wor vläicht nach adaptéiert un d'Situatioun viron 10, 20 oder 30 Joer, mä mëttlerweil kenne mer awer eng Entwécklung vum Norde vum Land, wou ee ka feststellen datt d'Bevölkerungszuelen extrem staark an d'Luucht ginn, oder jiddefalls méi staark wéi an anere Géigenden. Esou datt ee sech d'Fro ka stellen, ob dat doten nach der Situatioun ugepasst ass.

D'Fro stellt sech awer och, ob een haut nach fir bestëmmten Akten a Modifikatiounen Huissieré braucht. Déi Fro ass virdrun och vum Här Bettel opgeworf ginn. Kéint een do net eng ganz Rei Saachen op anere Weeër léisen? Ech hunn heiansdo d'Gefill, wann ech déi Texter gelies hunn, dass dat eng Prozedur ass, déi nach aus dem 19. oder ech weess net wéi engem Jorhonnert staamt an déi a ville Fäll eigentlech guer kee Sënn méi mécht, ausser vläicht dann deem, engem Beruffsstand en Akommes ze erlaben.

D'Problematik vum Tarif, dass eng Rei vun Tariffer scho relativ héich sinn, an dass se da géifen an d'Luucht eventuell goen, wa mer eppes géifen un der Zuel vun den Huissieren änneren, stellt sech natierlech. D'Fro stellt sech awer, ob de System u sech net misst a Fro gestallt ginn.

Mir kruten an der Kommissioun och gesot, dass a Frankräich an och an Däitschland aner Systemer existéieren. Zum Beispill an Däitschland gëtt déi Aarbecht do vu Statsbeamten erledegt, an dat ass wierklech eng Fro, déi ech hei wëllt opwerfen, ob et net méi sënnvoll wär op dee Wee ze goe wéi eis däitsch Nopereen dat maachen. Dat hätt de Virdeel, dass de Stat selwer kann de Volume vun der Aarbecht mat der Zuel vun deenen noutwendegen Aarbechtskräften an deem Beräich ofstëmmen. Et wär och vläicht méi bëlleg. Et wär méiglech méi eng grouss Kontroll iwwert den Aarbechtsstil vun deene Beamtinnen a Beamten, déi dat da géife maachen, ze kréien, an dorobber kommen ech vläicht herno nach eng Kéier zrëck. Et wär och méi einfach ze iwwerpréife wéi eng Mo-

difikatiounen iwwerhaupt haut nach noutwendeg sinn, an et kéint ee vläicht och déi sozial Situatioun vun deene Leit, déi hei beträff sinn, anescht berücksichtegen wéi dat duerch Leit, déi dat als liberalen oder quasi liberale Beruff maachen, ka geschéien.

Mir hunn zu Lëtzebuerg am Fong eng Aart hybride System. Engersäits gëtt verlaangt, dass ee Lëtzeburger muss sinn, et sinn eigentlech déiselwecht Konditiounen quasi wéi fir e Statsbeamten, vläicht sinn se esouguer nach e Krack méi streng, well et ëm déi Statsbeamten da geet, déi mussen haut nach Lëtzeburger sinn, an deem neien Text ass dat och esou ageschriwwen. Déi Fro ass awer och opgeworf ginn, ob een eigentlech muss, fir deen doten Job auszeüben, d'Lëtzeburger Nationalitéit hunn, an ech mengen och, datt se um europäeschen Niveau diskutéiert gëtt. Et iwwerrascht net, datt d'Lëtzeburger Regierung dat awer esou festgehalen huet.

Op där anerer Säit gëtt dann op den Akt bezuelt wéi soss an engem liberale Beruff. Et gëtt dann erëm zueleméisseg Limitatiounen, wou d'Fro och opgeworf ginn ass, ob déi Limitatioun eigentlech kompatibel mat eiser Constitutioun wär. Et gëtt Tariffer, déi a verschiddene Fäll fixéiert sinn, an aneren net. Et gëtt eng Altersgrenz vun 72 Joer, wéi bei den Notairen. Et kann ee sech och d'Fro stellen, ob dat bei deem dote Beruff esou sënnvoll ass.

Op alle Fall ass dat e System, deen ee schwéier kann aklasséieren, mä deen awer eng ganz Rei vu Froen opwerft, a wéi gesot, wann déi Motioun hei ugeholl gëtt a wann d'Regierung invitéiert gëtt fir weider Reflexiounen iwwer eise System ze féieren, da géife mer ganz staark recommandéieren sech ze iwwerleeën, ob een net an deem heite Fall emol eng Kéier a Richtung vun enger Verstaatlechung vun deem Beruff sollt goen.

Ech kéim dann nach op zwee méi punktuell Aspekter vum Projet ze schwätzen. Bei deem éischte wëllt ech mech direkt ouden als Mataarbechterin vun enger Wochenzeitung. Mir hunn nämlech doriwwer geschwat a wéi enger Form, dass verschidden Décisiounen publizéiert misste ginn.

Am éischten Text, dee mer virgeluecht kritt hunn, do stoung, dass dat sollt an zwou, mengen ech, oder verschiddenen Dageszeitungen a Périodiqué geschéien. Deen Text ass op Wonsch vum Conseil d'Etat ofgeännert ginn, wou dann elo just nach festgehalen ginn ass, dass dat Journaux solle sinn. Do stellen sech nëmme méi zwou Froen. Dat éischt ass déi vun der Semantik, well Journaux, wann ee sech e bësse mat der Wëssenschaft ausernaner setzt vun de Bicher an den Zeitungen oder de Périodiquen, fir méi prezis ze sinn, da weess een, dass Journaux net onbedéngt e Quotidian heescht, wéi dat de Conseil d'Etat behaapt huet. Da misst een eigentlech wierklech dohinner schreiwen «dans différents quotidiens» oder «dans deux quotidiens». Dat ass net de Fall an ech stelle mer d'Fro, wann ee géif

wéinst där doter Terminologie viru Geriicht goen, ob een dann net awer géif Recht kréien.

Déi zweet Fro ass déi, firwat dat eigentlech esou agegrenzt gëtt. D'Regierung hat dat jo am Ufank net wëlles, dat ass sécherlech en Nodeel fir Wochenzeitungen, an d'Argument, dass dat onbedéngt misst an enger Dageszeitung publizéiert ginn, doriwwer léisst sech diskutéieren, vu datt mer och eng ganz Rei vun aneren Avisen an Texter hunn, déi och a Wochenzeitungen publizéiert ginn.

Dee leschte Punkt, Här President, betrëfft d'Kritik vis-à-vis vum Huissiersstand. Den Här Klein hat virdru schonn op déi Problematik higewisen. Dee ganze soziale Kontext, an deem mer hei oft dra sinn, huet d'Kommissioun am Fong op der Säit gelooss. Ech hat deen Thema och an der Kommissioun opgeworf, ob mer net missten iwwert déi reng technokratesch Aspekter vun deem Projet hei erausgoen an eis och a Kenntnis setze vun der Situatioun, wéi se dobaussen um Terrain ass, eventuell mat Leit schwätzen, déi déi Situatiounen méi konkret kennen.

Ech denken u Services endettment oder Sozialarbechter, Sozialarbechterinnen, vläicht sinn och an de Gemenge Leit, wéi den Här Klein dat ugeschwat huet, déi do méi matkréien. Dat ass awer ofgeleent ginn, an ech denken, dass et awer e ganz wichtege Sujet gewiescht wier mat deem mir eis als Commission juridique och hätte sollen ausernaner setzen.

Een Thema ass zum Beispill dat vun der Conciliatioun, ob een net kann awer nach op aner Weeër goe wéi deen, deen da schlussendlech ëmmer erëm usteet, datt d'Leit viron d'Dier gesat ginn an hiert Hab und Gut mat hinne mat.

D'Fro hätt sech och hei gestallt iwwert déi heiansdo exorbitant Tariffer, ob déi wierklech ëmmer adaptéiert sinn. Ech bedauere ganz staark, dass mer deen Effort net gemaach hunn. Mir hunn aner Beräicher, wou mer Leit an d'Kommissioun ruffen. Ech fannen, dass dat oft ganz selektiv geschitt.

Här President, trotz dëse Remarken, wéi gesot, wäerte mer dëse Projet mat stëmmen, well en eng Rei vu punktuelle Verbesserungen bréngt. Mir ënnerstëtzen all déi Leit, déi méi wäit wëlle goen a méi eng fundamental Reform vun deem System wënschen.

Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

■ M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir d'éischt och am Numm vun der Regierung e Merci un de Rapporteur Patrick Santer an un déi aner Kolleegen aus der Commission juridique, déi dëse Projet analyséiert hunn an hei diskutéiert hunn.

Fir d'Regierung huet dëse Projet zum Haaptzil, fir d'Organisatioun an d'Formatioun vun den Huissiers

de justice ze verbessern. Ech stellen hei fest, aus deenen Débaté vun de Moien, datt dat déi grouss Zoustëmmung am Parlament fënnt.

Ech mengen, datt dee Beruff, souwéi vill aner Beruffer, haut mat enger méi komplexer juristescher Aarbecht konfrontéiert ass, wéi dat vläicht am leschte Jorhonnert de Fall war, an dofir mengen ech gi mer hei e Schrëtt, besonnesch wat d'Organisatioun a wat d'Formatioun ubelaangt, méi wäit wéi an der Vergaangenheet. Ech mengen, et ass e gudde Schrëtt fir dee Beruffsstand besser ze outilléieren, där komplexer Aarbecht kënnen entgéint ze trieden.

Da sinn haut de Moien hei eng Rei Observatiounen gemaach ginn iwwert d'Prozeduren. Am Numm vun der Regierung huelen ech gären déi Motioun un. Ech wëll lech just soen, datt déi Vereinfachung vun de Prozedure llicht an engem Débat an der Chamber gesot gëtt, mä an der Ëmsetzung vill méi schwierereg ass.

Mir hunn am Justizministère e Groupe de travail mat Affekoten, mat Riichter, dee schonn eng länger Zäit dorunner schafft an deen net richteg weiderkënn, an dofir, wann ech d'Recht hätt eng Motioun och dem Parlament virzeleeën, da géing ech d'Commission juridique invitéieren och der Regierung bis, loosse mer soen, zum Beispill Oktober, November eng Rei Suggestiounen ze maachen, well do, grad och an där Kommissioun, ganz vill Affekoten dra sinn, déi och géinge breet Ënnerstëtzung fannen.

Ech stellen nämlech oft fest, datt esoual een iergendeng Prozedur ännert, een aneren am Grupp seet: Mä dat do ass da géint d'Rechter vun deem heiten oder deem doten. Den Equilibre fannen ass also ganz schwierereg. Ech schieben domadder net d'Aarbecht zrëck vum Exécutif op de Législatif, mä ech wär dankbar fir Suggestiounen, déi an deem dote Kontext kënnten am Kader vun deenen Aarbechten, déi d'Regierung mécht fir eng Vereinfachung vun de Prozeduren ze realiséieren, eng breet Ënnerstëtzung am Parlament fannen.

Ech hunn op jidde Fall wëlles bis Enn vun Joer eng Rei vun deene Procédures d'exécution an e Projet de loi anzubauen. A wéi gesot, wa mer do kënnte gutt Suggestiounen virgeluecht kréien, déi eng breet Ënnerstëtzung vum Parlament kënnte fannen, net vun engem oder deem aneren Deputéierten nëmme, da wär dat hëllefärich an dofir géing ech lech schonn am Viraus e Merci soen, grad esou wéi ech merci soen, datt dëse Projet hei esou eng breet Zoustëmmung am Parlament fënnt.

■ M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4919 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4919.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4919 ass mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Fred Sunnen), Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helmingier (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger (par M. John Schummer), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jean-Pierre Klein), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Jean Huss), Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir hunn nach d'Motioun 1 virleien, zu där de Minister elo grad Erklärungen ginn huet.

Motion 1

Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun 1 ass eestëmmeg ugeholl.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.45 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu